adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 JUIL. 2019
860

Tratten, den 4. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°1956 aus dem Joer 2012 hunn déi deemoleg Ministeren Delvaux a Wiseler uginn, datt, nodeems de Lycée technique Agricole op Gilsdref plënnere wäert, déi al Gebailechkeete vun der Akerbauschoul fir den technesche Lycée vun Ettelbréck (Itett) reservéiert ginn.

An deem Kontext géif ech gär déi folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

1. Ass bis dato nach ëmmer virgesinn, Deeler vum technesche Lycée vun Ettelbréck an déi al Gebailechkeete vun der Akerbauschoul ze verleeën?
2. Wa jo, fir wéini ass dësen Ëmzuch virgesinn?
3. Ass virgesinn, datt déi al Gebailechkeete vun der Akerbauschoul fir dësen Ëmzuch renovéiert an/oder ëmgebaut solle ginn?
4. Wa jo, fir wéini ass mam Ofschloss vun dëse Renovatiounsaarbechten ze rechnen a wéi gestaltet sech dësen Ëmbau konkret a punkto Infrastrukturen a Klasseraim?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 30 septembre 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 860 de Monsieur le Député Jeff Engelen**

Folgend Äntwerten goufen an enker Concertatioun mam Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte ausgeschafft:

**1)**
Jo, déi al Gebailechkeete gi renovéiert a ginn dann un den Lycée technique d'Ettelbruck (LTETT). Zudeem ass virgesinn, déi aktuell Zären an Atelieren ofzerappe fir Plaz ze maache fir weider Infrastrukturen, déi den LTETT brauch.

**2)**
Dat neit Gebai vum Lycée technique agricole (LTA) soll fir d'Rentrée 2021/2022 a Betrib geholl ginn. Als éischt gëtt en Avant-projet ausgeschafft, wourops der Chamber e Projet de loi ënnerbreet gëtt. Eréischt no engem positive Vote vum Projet de loi kënnen d'Aarbechten um Site zu Ettelbréck ufänken.

**3)**
Vu datt dat momentant Gebai vum LTA an Tëschenzäit zu Recht als « Monument national » klasséiert ginn ass, wäerten déi néideg Renovatiounsaarbechten a Concertatioun mam Service des sites et monuments nationaux geplangt an ausgefouert ginn.

**4)**
Am Kader vun den Etüden, déi aktuell lafen, ginn déi verschidden Delaien a Méiglechkeete vun der Notzung vun de Raimlechkeeten ausgeschafft. Am Haaptgebai, 1932 ënnert dem Staatsarchitekt Paul Wigreux opgeriicht, wäert versicht ginn, z.B. déi original Plättercher esou wéi d'Banneschräinerei ze erhalen, et handelt sech also éischter ëm eng Mise en valeur wéi ëm eng Rénovation profonde. De Bauprogramm muss sech de Raimlechkeeten an dësem Bestand upassen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-2004816-FR